N°2634
Entrée le 07.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2634 vum 22. Juli 2025 vun der honorabeler Députéierten Diane Adehm zum Sujet "Prime informatique"**

**Stëmmt et, datt verschidde Gemengen hire Mataarbechter an der Vergaangenheet ënner gewësse Konditiounen eng speziell „prime informatique" ausbezuelt hunn? Wa jo, ëm wat fir Gemengen handelt et sech?**

Et ass richteg dass verschidde Gemengen hire Mataarbechter eng Prime informatique accordéiert hunn.

Den Inneministère huet keng statistesch Donnéeën iwwer d'Zuel an de Numm vun de Gemengen déi esou Primen ausbezuelen.

**Kënnt Dir confirméieren, datt eenzel Gemengen dës Prime elo gestrach hunn? Wa jo, fir wat?**

Den Inneministère huet keng Kenntnis doriwwer dass Gemengen hiren Agente sollen d'Prime informatique ewech geholl hunn.

**Denkt d'Regierung drun, fir op Gemengenniveau eng änlech gesetzlech Basis fir eng „prime informatique" ze schafe wéi beim Staat?**

Ech verschléisse mech net enger Diskussioun an der Commission centrale iwwer d'Aféiere vun enger Prime informatique am Gemengesecteur.

Lëtzebuerg, den 7. August 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN